N°2883
Entrée le 17.09.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 18.09.2025
Chambre des Députés



Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/09/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

Eis gouf zougedroen, dass verschidden Enseignanten am Fondamental op hire Materialläschten fir d'Kanner spezifesch Produite vu bestëmmten an deiere Marke fuerderen, obwuel et vun anere Marke quasi identesch Produite ginn, déi däitlech manner oder souguer just e Brochdeel vum op der Lëscht gefuerderte Markeprodukt kaschten. Dës Praxis bréngt vill Familljen, déi finanziell manner gutt opgestallt sinn, an eng schwéier Situatioun, besonnesch wann et ëm méi Kanner an der Famill geet.

Wärend et verständlech ass, dass Enseignanten aus pädagogesche Grënn bestëmmte Standardfaarwen (zum Beispill blo, gréng, rout) bei Hefter oder Classeure virschreiwe fir méi Iwwersiicht ze schafen, geet et bei der Fuerderung no spezifeschen, deiere Marken ëm eng aner Saach.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass dem Minister dëse Problematik bekannt an huet de Ministère schonn entspriechend Reklamatioune kritt?
2. Gëtt et aktuell Richtlinnen oder Recommandatioune fir Enseignanten iwwert d'Zesummesetzung vu Materialläschten, fir ze vermeiden, dass spezifesch deier Markeprodukter gefuerdert ginn?
3. Wéi gedenkt de Minister ze garantéieren, dass d'Recht op Educatioun net duerch finanzielle Barrièren ageschränkt gëtt an dass all Kanner, onofhängeg vum soziale Status vun hirer Famill, Zougang zu all néidegem Schoulmaterial hunn?
4. Plangt d'Regierung fir déi nächst Rentrée eng Circulaire un d'Enseignante bezüglech dem

Schoulmaterial ze maachen an eventuell nei Mesuren anzeféieren, fir dës Problematik ze léisen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 2883 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**

1. **Ass dem Minister dëse Problematik bekannt an huet de Ministère schonn entspriechend Reklamatioune kritt?**
2. **Gëtt et aktuell Richtlinnen oder Recommandatioune fir Enseignanten iwwert d'Zesummesetzung vu Materialléschten, fir ze vermeiden, dass spezifesch deier Markeprodukter gefuerdert ginn?**
3. **Wéi gedenkt de Minister ze garantéieren, dass d'Recht op Educatioun net duerch finanzielle Barrièren ageschränkt gëtt an dass all Kanner, onofhängeg vum soziale Status vun hirer Famill, Zougang zu all néidegem Schoulmaterial hunn?**
4. **Plangt d'Regierung fir déi nächst Rentrée eng Circulaire un d'Enseignante bezüglech dem Schoulmaterial ze maachen an eventuell nei Mesuren anzeféieren, fir dës Problematik ze léisen?**

Am Kader vun der schoulescher Organisatioun gëtt et eng allgemeng Hierarchie. An dësem Zesummenhang kënne sech Elteren, déi sech Suergen an engem bestëmmte Beräich maachen, an éischter Instanz un den Titulaire de classe, dann un d'Schoulpresidentin oder de Schoulpresident an uschléissend un déi zoustänneg Regionaldirektioun wenden, falls sech kee Konsens um lokalen Niveau fënnt. Déi vum honorabelen Deputéierten ugeschwaten Thematik ëmfaasst eng Suerg, déi éischter punktuell ze si schéngt a sech am Prinzip misst op lokalem Niveau léise loossen.

Am Kontext vum Kaf vum Schoulmaterial ginn et Recommandatiounen, déi op Krittäre vun der Nohaltegkeet baséieren. Dës Krittären esou wéi d'Lëscht mam entspriechende Material goufe vun der *Superdreckskëscht* ausgeschafft a ginn am Kader vun der Rentrée op ënnerschiddlechen Niveaue kommunizéiert. D'*Superdreckskëscht* ass ausserdeem ee vun den offizielle Partner vu mengem Ministère, deen ënnert anerem Formatiounen iwwert den IFEN ubitt, an deenen d'Konzept vu *Clever akafen* och traitéiert gëtt.

D'Allocation de rentrée scolaire ass eng staatlech finanziell Ënnerstëtzung beim Kaf vu Schoulmaterial fir Kanner ab 6 Joer. Dës Allocatioun ass fir d'Kanner am Enseignement fondamental op 115 Euro d'Joer fixéiert. Dës Allocatioun gëtt all Joer automatesch vun der Zukunftskeess ausbezuelt an et muss heifir keng separat Demande gemaach ginn.

Lëtzebuerg, den 10. Oktober 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH